



Aktivitéitsrapport vum Joer 2023

Versammlungen:

- D'Generalversammlung war de 25. Mäerz 2023 zu Izeg am Gebai A beim ale Klouschter
- De Comité ass am Joer 2023 9 Kéieren zesumme komm: 25.01.2023, 23.02.2023, 19.04.2023, 24.05.2023, 27.06.2023, 24.07.2023, 13.09.2023, 12.10.2023, 29.11.2023.

Aktiounen:

- 19.04.2023: Gespréich zu Izeg tëscht dem Comité vun der AL an dem Sproochecommissaire Pierre Reding a mat der Madame Claude Schmit.
- Juli 2023: D'AL huet un all Gemengerot (100 Gemengen) e Bréif geschéckt, fir hinne fir d'Gemengewal 2023 ze felicitéieren an hinnen eis Hëllef am Kader vu Lëtzebuenger Stroossennimm ze proposéieren. Eist Zil ass, datt d'Gemenge Stroossennimm op Basis vu Lëtzebuenger Flouernimm wielen.
- D'Gemeng Bauschelt huet e Projet lafen, wou si u 37 al Haiser eng Plaquette mat dem ale lëtzebuergeschen Numm vum Haus ubréngen. D'AL bedeelegt sech mat op d'mannst 1000€ um Projet, an eise Logo kënn mat op d'Plaquette.
- Juli 2023: D'AL huet fir d'Chamberwalen 2023 all d'Parteie kontaktéiert, also net just déi, déi an der Chamber vertruede sinn, an huet hinnen e Froebou mat 6 Froe geschéckt: 10 vun 12 Parteien hu geäntwert. Duerno goufen eis Memberen iwwer d'Positione vun den eenzelne Parteien am Kader vun der Lëtzebuenger Sprooch informéiert: 1. Lëtzebuergesch als EU Sprooch, 2. Formatioun fir Journalisten, 3. Méi Lëtzebuergesch am öffentleche Raum, 4. Sproochen an de Crèchen, 5. Umellen op der Gemeng, 6. Exame fir Staatsbeamten

Manifestatiounen:

- 07.01.2023: Op eisem Neijooschpatt sinn d'Bronze Plackett „Dicks-Rodange-Lentz“ un d'Clara MORARU an d'Sëlwer Plackett „Dicks-Rodange-Lentz“ un de Jean KANDEL fir aussergewöhnlech Verdéngschter am Kader vun der Lëtzebuenger Sprooch iwwerrecht ginn. D'RTL Journalistin Monique Kater war fir e Reportage op der Plaz.
- 22.08.2023: Op Invitatioun vun der Gemengeninitiativ am Kader vun „d'Stad liest“ huet eise Vize-President Lex ROTH am „Kolléischshaff“ nieft der Kathedral eng Liesung (120 Schnoken) gehalen.

Interviewen / Presse:

- Publikatioun vun 10 ganzsäitege Kolumnen „Eng Klack fir eis Sprooch“ am Luxemburger Wort: 07.01.2023, 04.02.2023, 04.03.2023, 01.04.2023, 06.05.2023, 03.06.2023, 01.07.2023, 07.10.2023, 04.11.2023, 02.12.2023
- 09.01.2023: Artikel op RTL.lu a Reportage op RTL Tëlee iwwer eisen Neijooschpatt 2023, der Iwwerreechung vun 2 Placketten „Dick-Rodange-Lentz“ an iwwer déi nei Editioun vun eisem Buch „Eis Virnimm“.



- Januar 2023: Artikel an der CGFP Zeitung „fonction publique“ iwwer d'Iwwerreechung vun vun enger grousser Plack vum Dichter Michel Rodange vun der AL un den Direkter vum Lycée Michel Rodange, de Jean-Claude HEMMER.
- 01.07.2023: Den 1. Juli ass eng nei Revisioun vun der Constitutioun mam neien Artikel 4 a Kraaft getrueden, deen am Paragraph (1) eis Sprooch (Lëtzebuergesch) als Sprooch vun eisem Land (Lëtzebuerg) definéiert. D'AL huet fir déi Geleeënheet e Pressecommuniqué eraus geschéckt.
- 29.07.2023: D'AL huet un den Direkter an un de Chefredakter vun Editpress SA e Bréif geschéckt, fir datt „Eng Klack fir eis Sprooch“ nees regelméisseg an d'Tageblatt kënnt.
- 14.09.2023: D'Äntwerte vun de Parteien op eis 6 Froen am Kader vun de Chamberwalen 2023 sinn als Pressecommuniqué un d'Presse verschéckt ginn.

Gratis Servicer:

- Permanenten Telephonservice fir dem Public op all Froen iwwer d'Lëtzebuenger Sprooch ze äntwerten: Orthographie, Grammaire, Geschicht, asw. Dee selwechte Service gouf och iwwer E-Mail a Facebook ugebueden.

Verlag / Publikatiounen:

- Verkaf a Liwwerung vu lëtzebuergesche Bicher aus eisem Verlag: am Ganze goufen am Joer 2023 397 Bicher am Wäert vu 5534,50€ (Verkafspräis ouni Reduktioun fir Buttiker) verkaf.
- Vum Buch „Kommt mir léiere Lëtzebuergesch“ sinn 250 Exemplaren nogedréckt ginn.
- De Lex ROTH huet en neit Buch mam Titel „120 Schnoken“ eraus bruecht. De Carlo SCHNEIDER huet d'Buch illustréiert.

Kommunikatioun:

- Eng Kéier am Joer verschécke mir e Bréif mat der Memberskaart an der Invitatioun fir d'Generalversammlung un eis 992 Memberen.
- Sozial Medien: Op Facebook hu mir elo 1913 Follower (1801 Liken), op Instagram 318 Follower an op Twitter 335 Follower. Eis Poste gi regelméisseg vun iwwer 10.000 Leit gesinn.
- Mir hunn eng Mailinglëscht mat iwwer 832 E-Mail Adressen opgebaut.

Verschiddenes:

- 22.02.2023: Den Alain ATTEN an eise Vize-President, de Lex ROTH, krute fir d'Joer 2022 am Festsall vum Jongelycée den Nationale Präis fir Verdéngschter ëm d'Lëtzebuenger Sprooch, d'„Kaweechelchen“ iwwerrecht, dee vum Educatiounsministère fir déi éischte Kéier iwwerrecht ginn ass.

2024:

- 13.01.2024: Op eisem Neijooschpatt zu Éiter ass d'Sëlwer Plackett „Dicks-Rodange-Lentz“ un de fréiere Sproochecommissaire Marc BARTHELEMY iwwerrecht ginn. RTL war fir e Reportage op der Plaz.
- 20.02.2024: Den neie Kulturminister Eric Thill huet de Comité vun der AL fir eng Entrevue am Kulturministère empfaangen.
- 02.03.2024: No 7 Joer Abstinenz gëtt „eng Klack fir eis Sprooch“ nees regelméisseg am Tageblatt publizéiert. Nodeems de Journal net méi op Pabeier gedréckt gëtt, ass d'Luxemburger Wort déi eenzeg Zeitung gewiescht, déi d'Klack nach gedréckt huet. Mir soen eisem Member Fränz Stein villmools Merci fir säin Asaz an dësem Dossier.